



N°8046
Entrée le 31.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.05.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 31. Mai 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro an d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

D'Coronavirus-Pandemie huet an de leschte Jore vill Diskussiounen verursaacht an och Irritatiounen hannerlooss. D'Impfungen an hir Niewewierkunge bleiwen e ganz wichtegen Thema an dem Kontext. An engem Bréif vum 11. Mee 2023 freet de Collectif "Fräi Liewen" verschidde statistesch Donnéeën iwwer d' Impfstoffer a méiglech Korrelatiounen tëschent eenzele Lotë vum dee Stoffe mat onerwünschten Niewewierkungen. Weider soll an Dänemark rezent eng Etüd zu dem Sujet gemaach gi sinn.

An dem Zesammenhang wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

- 1) Hunn déi Lëtzebuerger Regierung oder de CDC (Center for Disease Control) zu iergend engem Zäitpunkt statistesch Donnéeën iwwer d'Nieweneffekter vum dem Impfstoffer geläscht oder läsche gelooss? Wa jo, ass dat op Basis vun enger Interventioun vun engem europäesche Regulateur geschitt? Wa jo, op wéi enger rechtliche Basis ass dat geschitt?
- 2) Ass d'Regierung bereet, fir dës Statistiken öffentlich zougänglech ze maachen:
 - D'Lëscht vun de Numeroen vun de Lotën vum Impfstoffer géint de COVID-19 déi zu Lëtzebuerg benotzt goufen, zesummen mat der Zuel vu benotzten Dosen pro Lot;
 - Fir déi offiziell Rapporten iwwer onerwünschten Niewewierkungen: Zuel vun de Rapporten, d'Nummer, respektiv d'Nummere vun de Lotën aus deenen d'Impfdose geholl goufe mat dem Grad vu Schiedlechkeet vun deenen onerwünschten Niewewierkungen (schlëmm/net schlëmm, medezinesch vu Bedeitung, Hospitaliséierung, potentiell liewensgeféierlech, Stierffall).
- 3) Kann d'Madamm Minister confirméieren, datt et eng Korrelatioun tëschen verschidde Lotën vum Impfstoffer an onerwünschte Niewewierkungen gëtt? Wa jo, wéi erkläert sech d'Regierung dee Fakt a firwat ass en nach net publizéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten